Rapport vun eiser Réunioun vum 26. November 2015

Présent waren : Simone Frank, Jorge De Sousa, Linda Chretien, Astrid Kontz-Krause, Claude Kontz, Eliane Krier-Scholler, Elvire Olinger-Ferber, Danielle Danielle Thiry-Blang, Sophie Dreisbach, Manuela Reuter

Entschëllegt war : Eliane Barthel, Sabine Luxen, Bettina Vogel

Ufank : 19.00 Auer

Nei Memberen

- Den Elterecomité ass lo komplett. Mir hun nach 2 nei Memberen kritt : Eliane Barthel an Sophie Dreisbach. Den Comité besteet lo aus 13 Memberen.

Bréifpobéier an Enveloppen (Offer)

- Den neien Trésorier, den Jorge, huet sech em d'Offeren vun den Enveloppen an vum Bréifpobéier gekëmmert. Somat kënnen déi Sachen lo an den Drock. Et ginn jeweils 2000 Stéck bestallt. Déi nächste Kéier kann een méi bestellen, lo gett mol gekuckt op Qualitéit an der Rei ass.

Conseil d'éducation

- Réunioun vum Conseil d'éducation war den 19. November 2015. Simone & Sabine waren présent.
- An der Annexe fand dir den Rapport vun der Direktioun.

Commissioun de restauration

- Réunioun de restauration war den 20. November 2015. Danielle & Linda waren présent.
- Och dësen Rapport vum Danielle fand dir an der Annexe.

Fapel

- Manuela war op Réunioun vun der Fapel.
- Haapthema war den Gruppe PAS (Platforme/Accrochage/Scolaire). Dat ass en Gruppe fir den Frühabrecher ze hellefen datt Schoul net mei soll ofgebrach ginn. Sie liewert den Schüler Informatiounen an hëlleft hinnen Schoul net mei sou frei ofzebriechen.

Divers

- Den Cotisatiounsbréif gett just en beschen ëmgeännert an zwar soll op dem Bréif keng Reklame méi fir den Elterecomité gemach ginn. Well no osen Statuten no daerf een während dem Joer keng nei Memberen unhuelen, just bei der Assemblée Générale.
- Den Cotisatiounsbréif gett am Januar op den neien Bréifpobéier gedréckt. D'Adressen ginn am Schülersekretariat ugerfot.
- Et ass ugeschwaat ginn datt d'Informatiounen besser un Schüler sollen riwwerbruecht ginn. Dofir wier et eng gudd Sach wann déi Telen an der Loge rem giffen fonktionnéieren. Domat kënnt een vill Informatiounen un Leit brengen.

- Nächst Réunioun ass ***Donneschdes den 21.01.2016 um 19.00 Auer***

Enn: 21.00 Auer